Koetschette, le 15 juillet 2022

Léif Elteren,

Ech wënschen Iech an Äre Kanner eng sonneg an erhuelsam Vakanz. Fir déi, déi ganz fréi akafe goe wëllen, hei well virop d'Lëscht vun deene Saachen, déi d'Kanner d'nächst Schouljoer brauchen:

- 1 Schoulsak, am beschten ouni Rieder *(grouss genuch fir en DinA4 Classeur)*
- 1 Schreiwënnerlag
- 1 Bicherstänner
- 1 Schachtel
- 1 Spëtzer **mat Behälter**

- 2 verschidde Linealer aus Plastik oder Metall: **1x15cm, 1x30cm**
- 1 **wäisse** Gummi
- 2 Bläistëfter **HB2**
- 1 Füllfieder mat Cartouchen *(oder Frixion)*
- 1 Tintenkiller
- 1 Tipp-Ex-Maus
- 1 Set dënn Bläistëftsfaarwen
- 1 Geodräieck: **1x15cm**
- 1 Zierkel ***(mat Riedche fir anzestellen)***
- 1 Schéier
- 1 Pritt

- 1 Garnitur Waasserfaarwen, mat Fatz, platt Borstenpinselen, normal Pinselen ***(dënn, mëttel, déck)***, Schiertech, Waasserdëppchen an eng Schongkëscht fir alles dran ze maachen
- 1 Block mat Karoblieder DinA4 ***(mat Rand)***
- 1 Hausaufgabemapp
- 6 DinA4 Clairefontaine-Hefter à **80 pages/40sheets mat Rand**: 2x rout, 2x blo, 2x gréng
- 4 dënn Classeuren *(Réck 2 cm)*: rout, blo, gréng, giel
- 4 déck Classeuren *(Réck 7cm)*: rout, blo, gréng, giel
- 50 Prospekthüllen *(Chemisen)*
- 3 Schnellhefter
- 8-10 Oftrennunge fir ee Classeur *(Intercalairen)*

Dir braucht **kee Journal** ze kafen.

Gitt Ärem Kand d'Étiquetten *(mat Numm, Virnumm, 4.1 C)* **fir op d'Bicher an op d'Hefter** einfach mat an d'Schoul, mir pechen se dann zesummen op. D'Initiale vun Ärem Kand sollen awer op **allen anere Schoulsaachen a Bic'en** stoen.

D'Schwammsaache bestinn aus Schwammkap, Schwammbox oder Maillot, Buedduch, Seef. D'Turn-a Schwammsaache sollen d'Kanner all Kéier mat heem huelen, fir se ze wäschen. D' Turnschlappen däerfen **keng schwaarz Suelen** hunn.

D'Schoul fänkt **Donneschden, de 15. September 2022** un. Owes um **19.30 Auer** ass déi **éischt wichteg Eltereversammlung** am Klassesall vun Ärem Kand **op Lëtzebuergesch**.

D'Kommunikatioun tëschent den Elteren an dem Enseignant fënnt iwwert d'Applikatioun Dimmi statt.

Och Är Kanner sollen ab dem 1. September iwwer TEAMS erreechbar sinn.

Ech wënschen Iech an Äre Kanner elo puer schéi Woche bei guddem Weeder.

Mat häerzleche Gréiss,
Joé Zeien
Cycle 4.1 C